ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Op der N12 vun Eschduerf a Richtung Heischtergronn ass e mobile Radar vum Typ "radar remorque" agesat ginn. De Radar steet +- 50 cm vum Stroosserand ewech, direkt donieft ass e "Steilhang".
Et ass offensichtlech, datt dee Radar eng Gefor duerstellt, virun allem fir Vëlo- a Motosfuerer, sollten se missen en Auswäichmanöver maachen, wat op de Stroossen am Norde vum Land (Wëldwiessel, breet Trakteren a Mähdrescher oder Chauffeuren, déi net op hirer Spuer bleiwen) méi dacks virkënnt.

Grad dës Éisleker Stroossen si virun allem am Fréijoer/Summer ënner Vëlos- a Motosfuerer ganz beléift a speziell hei misst en héijen Niveau u Secherheetsprecautioune fir dës Chauffeure geholl ginn.

Déi Zort vu Radaren sinn, menges Wëssens no, voll gepanzert, hu ganz schaarf Kanten a kënnen am Fall vun enger Kollisioun mat engem Auto warscheinlech zu ganz uerge Verletzunge bei den Automobiliste féieren. Bei enger Kollisioun mat engem Vëlo oder Moto sinn nach méi schlëmm Konsequenzen ze erwaarden. Nuets sinn se bal net siichtbar a stellen esou eng weider Gefor fir de Verkéier duer.

Dowéinst wéilt ech den Här Staatsminister froen:

1. No wat fir enge Reegele mussen dës Radaren opgestallt ginn? Wei wäit muss esou e Radar vum Stroosserand ewech stoen?
2. Muss de Radar eventuell duerch eng Leitplank geschützt sinn?
3. Am Fall wou dëse Radar hannert enger Leitplank zum Asaz kënnt, ass hei séchergestallt, dass den zertifiéierten Aktiounsradius vun der Deformatioun vun der Leitplank am Fall vun enger Kollisioun respektéiert gëtt?
4. Orientéiert een sech un europäeschen Normen, wat den Asaz vun deene Radaren ugeet?
5. Missten dës Radaren nuets net matt zousätzleche Reflektere marquéiert ginn?

6. Ginn et Crashtester, déi eng Kollisioun mat engem Radar vun dësem Typ simuléieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**